PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/07/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Minister fir Wirtschaft weiderzeleeden.

rtl.lu bericht an engem Artikel vum 6te Juli, dass *ArcelorMittal* Stolprodukter a Russland liwwert. Zitat:

> *Dës Produkter kommen aus dem betribseegene Wierk am Kasachstan, an deem 35.000 Leit beschäftegt sinn. Et geet an der Haaptsaach ëm Stol fir de Bausecteur."*

rtl.lu schreift weiderhin, dass d'EU-Sanktioune géint Russland net ëmgaange géinge ginn, well ArcelorMittal vu Kasachstan aus operéiert.

De Lëtzebuerger Staat huet Participatioune bei ArcelorMittal S.A. an huet deemno een Informatiounsrecht als Aktionär. An der Chamberssitzung vun haut huet de Wirtschaftsminister, op eng Fro vun eiser Sensibilitéit hin, net konnten äntweren, ob dës tatsächlech de Fall ass.

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Huet de Minister mëttlerweil Kenntnis vun den Aktivitéite vun ArcelorMittal?
2. Ass de Minister der Meenung, dass ArcelorMittal d'EU-Sanktiounen ëmgeet?
3. Fënnt de Minister et moralesch vertrietbar, dass ArcelorMittal iwwer Kasachstan den Handel mat Russland weider oprecht erhält?
4. Wäert d'Regierung als Aktionär am Verwaltungsrot vun ArcelorMittal d'Thema uschwätzen?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven

Député

GOERGEN Marc

Député